ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Abrëll 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Viru kuerzem huet de Gesondheetsministère eng Ëmfro iwwer Schlofstéierunge verschéckt. De Bréif fir dës Ëmfro war a véier Sproochen, nämlech Däitsch, Franséisch, Englesch a Portugisesch disponibel, awer net op Lëtzebuergesch.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un d'Madamm Gesondheetsminister:

1) Aus wéi engen Ursaachen ass sech hei géint eng vun eisen dräi administrative Sproochen entscheet ginn, obwuel souguer net administrativ Sprooche berécksiichtegt goufen?
2) Wien huet des Decisioun geholl? Gesäit d'Madamm Minister dann doran eng Diskriminéierung vu Bierger mat Lëtzebuergesch als Mammesprooch?
3) Wéi gesäit d'Madamm Minister dëse Virgang am Zesummenhang mam Aktiounsplang fir d'Lëtzebuerger Sprooch?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten